


# ECH MAACHE MÄIN TEST AN 3 SCHRËTT

1. **Ech liesen d'Gebrauchsanweisung**
   > Abschnitt 1 vum Kit

2. **Ech fëllen den Identifikatiounsformular aus**
   > Abschnitt 2 vum Kit

3. **Ech maachen den Test a ginn en an engem BIONEXT Laboratoire of oder geheien en an eng Postboîte**
   > Abschnitt 3 vum Kit




**Gebrauchsanweisung**

## SCHLËSSEL INFORMATIOUNEN

Den Daarmkriibs Screening Test kann Kriibs an engem ganz fréie Stadium entdecken.
En ass all 2 Joer fir Fraen a Männer vu 45 bis 74 Joer ouni Symptomer oder Virerkrankungen recommandéiert.

**Fréi entdeckt, kann dëse Kriibs an 9 vun 10 Fäll geheelt ginn.**

- **Zouverlässeg**
- **Zu 100% iwwerholl**
- **Einfach a séier**

### Heefeg Froen

**Wéi laang kann ech den Test benotzen?**
Den Oflafdatum ass um Réierchen uginn

**Ech hunn de Réierchen verluer oder de Réierchen ass beschiedegt. Wat soll ech maachen?**
Frot en neie Kit beim BIONEXT Laboratoire oder bei Ärem Apdikter

**De Prelevement ass net richteg verlaf. Wat soll ech maachen?**
Frot am BIONEXT Laboratoire oder bei Ärem Apdikter ëm Rot

**Muss ech fir dësen Test bezuelen?**
Nee, e gëtt zu 100% vun der Gesondheetsdirektioun iwwerholl

**Kann ech déi blo Enveloppe mat mengem Prelevement an engem anere Laboratoire ofginn?**
Nee, Dir musst se an eng Postboîte leeën (d'Retourenveloppe ass portofräi) oder am BIONEXT Laboratoire vun Ärer Wiel ofginn

**Wien kritt mäi Resultat?**
Dir selwer, den Dokter/déi Doktesch deen/déi Dir op Ärem Identifikatiounsformular uginn hutt, souwéi den Dokter vum Koordinatiounszentrum fir Kriibsfréierkennunsprogrammer

D_COMM_186_001

Programme Dépistage Cancer colorectal — Le Gouvernement du Grand-Duché de Luxembourg, Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale, Direction de la santé — BIONEXT Laboratoire d'analyses médicales

# DAARMKRIIBS SCREENING KIT

## GEBRAUCHSANWEISUNG

**Dëse Kit ass fir perséinleche Gebrauch**

**Virun der Benotzung de Kit bei enger Temperatur tëschent +2°C an +30°C versuergen**

Kontakt

Centre de coordination des programmes de dépistage des cancers,
Ministère de la Santé et de la Sécurité sociale, Direction de la santé
20, rue de Bitbourg - L-1273 Luxembourg-Hamm
Tél. : 247 755 50 - Fax : 247 95563 - colorectal@ms.etat.lu - www.sante.lu

# GEBRAUCHSANWEISUNG

**Bevir Dir ufänkt**

Kontrolléiert de Oflafdatum vum Test op der Enveloppe oder op dem Réierchen.


Wann den Test ofgelaf ass, frot en neie beim BIONEXT Laboratoire ënnert (+352) 27 321 888 un

## ECH HU MÄI KIT AN ENGEM **BIONEXT LABORATOIRE OFGEHOLL**




Ech huelen den Identifikatiounsformular an notéieren den **Datum vun der Testduerchféierung**

## ECH HU MÄI KIT PER **POST KRITT**



Ech huelen den Identifikatiounsformular, pechen **d'Etiquette mam Numm** drop a schreiwen den **Datum vun der Testdurchféierung drop**

## ECH HU MÄI KIT AN **DER APDIKT** OFGEHOLL




Ech huelen den Identifikatiounsformular, fëllen d'Informatiounen aus a schreiwen den **Datum vun der Testdurchféierung drop**

# ECH MAACHE MÄIN TEST




1

**Urinéiert ier Dir mat Ärem Test ufänkt.** De Stull soll net mat Flëssegkeete (Urin, Bleechmëttel, ...) a Kontakt kommen




2

**Pecht de bronge Pabeier fir d'Stullprouf ze sammelen** aus dem Abschnitt 2 mat Hëllef vun den Autocollanten un den Toilettebrëll. Dréckt virsiichteg de Pabeier fir eng kleng Kaul ze forméieren**. Macht dann de Stullgang an d'Kaul**




3

Maacht de Réierchen op andeems Dir de grénge Stopp erofschraubt.




4

**Fuert mam grénge Stäbchen e puer Mol iwwert d'Stullprouf,** an entsuergt de bronge Pabeier an d'Toilette



5

Den Deel mat de Rille vum Stäbchen (bis zur rouder Markéierung op der Zeechnung) **muss mat Stull bedeckt sinn**



6

**Maacht de Réierchen zou a rëselt en hefteg**





7

**Leet de Réierchen dann an de Schutzbeutel (Safetybag) aus Abschnitt 3**





8

Maacht de Safetybag zou, **andeems Dir de wäissen Tab uewen un der Täsch ewechhëlt**



9

Leet de Safetybag a den **datéierten a ausgefëllten** Identifikatiounsformular an déi portofräi blo Enveloppe vum Abschnitt 3




10

**Gitt déi blo Enveloppe de selwechten Dag oder spéitstens de nächsten Dag zréck,** entweder

- andeems Dir et direkt an engem **BIONEXT Laboratoire** vu Méindeg bis Samschdeg ofgitt

  Lëscht vun de Laboratoiren: bionext.lu/centres
- andeems Dir et **an eng Postboîte geheit** (ausser den Dag virum Weekend oder virun engem Feierdag)

**Méi Informatiounen**

- Laboratoire BIONEXT : (+352) 27 321 888
- An Ärer Apdikt
- Centre de coordination des programmes de dépistage des cancers www.sante.lu/colorectal oder per Telefon um (+352) 247-75550